**Déclaration de Monsieur Jean-Claude Juncker** sur la situation économique, sociale et financière du pays.
22 mai 2008 à la Chambre des Députés.

*Extrait du discours en ce qui concerne le travail du dimanche*

"Bereetschaftsdingscht", dat liwwert mer, Här President, d'Stéchwuert fir eng aner Iwwerleeung. An déi Iwwerleeung betrëfft d'Sonndesaarbecht. Et gëtt Leit déi Sonndes musse schaffe well d'Beschafenheet vun hirer Aarbechtsplaz se dozou zwéngt. Deen Dingscht un der Gesellschaft deen se Sonndes leeschte mussen, dee solle mer respektéieren. Mä et gëtt an eiser Wirtschaft ëmmer méi Stëmmen déi wëllen d'Leit och an e maximale kommerzielle Bereetschaftsdingscht vum Sonndeg drécken. Et gëtt – dat war de Wëlle vum Gesetzesgeber – d'Interdictioun fir um Sonndeg ze schaffen. Déi Interdictioun mécht Sënn well et ass gutt wann op engem Dag an der Woch Rou ass. Et ass gutt wann déi gesetzlech Roupaus vun de Leit ka genotzt gi fir dat ze maache woufir se Loscht hunn a woufir se gemeinsam Fräizäit brauchen - Zäit fir mat hire Kanner oder hirem Partner ze verbréngen, Zäit fir spazéieren ze goen, Zäit fir Sport a Kultur ze maachen, bref fir een Dag an der Woch esou liewen ze kënne wéi se wëllen. Déi Interdictioun vun der Sonndesaarbecht kann opgehuef ginn, si kann opgehuef ginn an deene Fäll déi d'Gesetz virgesäit. Mir wenden d'Gesetz iwwert de Verbued vun der Sonndesaarbecht flexibel un an dat ass gutt esou. Schlecht wier et wa mer nach méi Sonndesaarbecht giffen zouloosse wéi déi, déi haut autoriséiert ass. Ech wëll hei ganz däitlech soen: et gëtt keng weider Extensioun vun der Sonndesaarbecht iwwert dat eraus wat mir haut un Ausnahmebestëmmungen an un Ausnahmeregelungen zur Sonndesaarbecht hunn. Et wäert net geschéien, jiddwerfalls net esou laang ewéi ech hei am Land eppes ze soen hunn, datt ëmmer méi Leit musse Sonndes untrieden fir datt déi aner Leit hire Sonndeskonfort op deenen hir Käschten organiséiere kënnen. Zur sozialer Cohesioun gehéiert et och datt een op deen anere Rücksicht hëllt. A mir solle Rücksicht huelen op déi Salariéen déi Famill a Kanner hunn, op déi Leit déi an de Veräiner aktiv sinn, op déi Leit déi de Sonndeg brauche fir duerch ze otmen. Ech weess datt dat almoudesch kléngt, mee ech sinn almoudesch an ech wëll almoudesch bleiwen. Ech wëll keng Gesellschaft wou déi eng mat hiren Enkele Sonndes akafe ginn an d'Kanner vun den Elteren déi schaffe mussen eleng doheem sëtzen. Ech wëll dat net. Et kënnt zu kenger weiderer Ausweidung vun der Sonndesaarbecht. Bal hat ech et gesot "basta". Mee ech mengen eigentlech och "basta", et geet elo duer.